N°1267
Entrée le 23.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1267 vum 1. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen iwwert «Demande de duplicata du certificat d'immatriculation»**

Den honorabelen Deputéierten stellt Froen iwwert d'Taxen, déi am Fall vun enger Demande fir en Duplikat vum "Certificat d'immatriculation" virgeschriwwe sinn.

De "*Règlement grand-ducal du 12 novembre 1981 ayant pour objet la fixation et la perception des taxes sur les demandes en obtention des documents prescrits pour la mise en circulation et la conduite de véhicules" gesäit effektiv* eng Tax vu 50 Euro vir. Déi eenzeg Ausnam, déi hei virgesinn ass, gëtt an der "*Loi du 6 mars 1965 concernant les taxes à percevoir sur les demandes en obtention des documents prescrits pour la mise en circulation et la conduite de véhicules"* festgehalen, a bezitt sech op de Fall, wou een en Duplikat vum "Certificat d'immatriculation" no engem Déifstall brauch. Dëst gëllt awer nëmmen, wann de Déifstall duerch eng formell Attestatioun vun der Police grand-ducale oder, am Fall vun engem Déifstall am Ausland, vun enger zoustänneger Autoritéit bestätegt gëtt.

Fir de Fall vun der Zerstéierung vum Gefier an der Partie I vum "Certificat d'immatriculation" gëtt et den Ament keng Ausnam. D'Befreiunge vun der Tax mussen am Gesetz präzis virgeschriwwe sinn. Eng Ausnam ze schafen am Fall wou e Gefier mat de Pabeieren zerstéiert gëtt, kéint Onsécherheet schafen, well et schwéier ass eng ëmfaassend Lëscht vun alle méiglech Situatiounen opzestellen, an deenen d'Gefier zesumme mat de Pabeieren, déi fir d'Ofmeldung gebraucht ginn, zerstéiert gëtt.

Och bei Naturkatastrophen, wéi Iwwerschwemmungen, ass e Gefier eventuell net komplett zerstéiert, mee als wirtschaftlech net méi reparabel anzestufen. Och wann d'Gefier als zerstéiert ugesi gëtt, mee d'Pabeieren nach intakt sinn, kënnen dës nach fir d'Ofmeldung vum Gefier benotzt ginn. Et wier dofir extrem schwéier, esou wéi beim Déifstall, duerch eng Attestatioun nozeweisen, dass d'Gefier zesumme mat de Pabeieren zerstéiert gouf.

Et ass also den Ament net virgesinn, zousätzlech Ausnamen an d'Gesetz opzehuelen, déi eng Befreiung vun der Tax fir d'Demande vun engem Duplikat vum "Certificat d'immatriculation" virgesinn.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes